Ried vun dem Blanche Weber, Presidentin, bei der offizieller Gebuertsdagsfeier vum Mouvement Ecologique de 5. Dezember 2018

50 Joer Mouvement Ecologique – wow.

1.

Wann een als Mënsch esou e ronne Gebuertsdag feiert, net méi ganz jonk an awer och nach net al ass, dann zitt ee jo ëmmer e bëssen de Bilan. Et stellt een sech d'Fro, op een dat erreecht huet wat ee wollt... an ob engem dat wat ee net erreecht huet nach gelénge kann ... Ob ee säi Match gemaach an déi richteg Prioritéite gesat huet.

Bei enger Organisatioun wéi dem Mouvement ass et eigentlech net esou vill anescht.

Beim duerchkucke vun den Archive gëtt engem ganz banal erëm bewosst, wat "eist Liewen" och als Mouvement ausmécht... d'Basis ass en Zesummewierke vu villen, dacks ënnerschiddleche Leit, déi gemeinsam fir Wäerter an Ziler astinn a bereet sinn, sech derfir anzesetzen! Deen Zesummenhalt tëscht Leit ass ganz einfach de Kitt vun eiser ganzer Beweegung. Ma do muss een da leider och léiere lassloossen. Leit wéi Thers Bodé, Adri van Westerop, Milly Theisen, Eugène Brandenburger an elo och dëst Joer ganz dramatesch de Camille sinn net méi do ... si a vill anerer hunn eis matgepräägt a gehéieren nach ëmmer zu eis, a mäer denken u sie. Net nëmmen, awer besonnesch haut.

2.

Ma wat ass dann elo eise Bilan?

3.

De Bilan vun eis selwer als Organisatioun, ass sécher positiv! Mäer sinn eiser Aart a Weis, eiser Linn, eise Grondwäerter, eiser Loscht un Diskussioun, eiser Fähegkeet verschidde Vuen ze respektéieren, e Perspektivewiessel ze maachen, eiser Sträitkultur a virun allem eise Wäerter ... trei bliwwen. Eise Slogan "Lieweg, kritesch, engagéiert" - phaseweis ëmgewandelt a frësch, frech, ongewäsch - trëfft nach ëmmer zou. Also, den éischten: lieweg kritesch engagéiert. A mäer hunn nach ëmmer virun allem déi nächst Generatiounen, eis Kanner, am Fokus. Als Mënsch géing ee soen: eise perséinleche Bilan ass awer iergendwéi schonn top!

4.

A wéi steet et mam Bilan, vun deem wat een erreecht huet? Bei aller Bescheidenheet kann ee soen: Mir hunn Echecken gehat, ouni Zweifel. Ma mir hu wierklech ganzeg vill eenzel Projeten ugestouss, gewonnen. Eng ganz Rei Iddien hunn eis Gebuertshëllef, an och eis Ausdauer, gebraucht! De klénge Film vun elo grad, och wann hien e staarke Resumé war, huet dat ganz eindrucksvoll gewisen. Vill gesellschaftlech wichteg Theme sinn och dank eiser - mee och aneren Organisatiounen aus der Zivilgesellschaft oder engagéierte Politiker - an de Fokus geréckelt ginn!

Eist Land wär ouni de Meco, ouni den Engagement an d'Ënnerstëtzung vun honnerten, jo dausende Leit déi sech am Laf vun de 50 Joer virun allem an hirer Fräizäit engagéiert hunn an engagéiere, méi aarm!

Eis Gesellschaft vergësst alt dëse gesellschaftspoliteschen Engagement unzerkennen, mäer kréie seelen op d'Schëllere geklappt! Ma haut däerfe mäer dat maachen!

Asoufern: Mäer hun all Grond eis, eise Wee bis heihinner an eisen Engagement ze feieren! An deem Sënn: en zefriddent Gebuertsdagskand.

5.

Ma mäer wären net de Mouvement, wa mäer bei dëser esou berechtegter positiver Analyse géinge stoe bleiwen.

Wëll eng aner Fro an esou engem Bilan ass jo och: hu mäer also déi grouss Zieler, déi mäer eis gesat hunn, erreecht? Eis Ziler, wéi mäer Kand, Jugendleche waren...

An do gëllt leider fir eis déi selwecht Analysen, wéi se och rezent Kollegen am Ausland fir sech gezunn hunn: **Mir hunn eng ganz Rei "Matcher" gewonnen, mee mir sinn (nach?) am Gaang vis-à-vis vun de groussen Erausfuerderungen ze verléieren.**

Eis Gesellschaft ass net um Wee a Richtung Nohaltegkeet. Leider grad de Contraire. Mäer sinn souguer op der Géigerichtung ënnerwee! An dat mat voller Vitesse!

4.

Dir kennt alleguer d'Situatioun, duerfir just kuerz :

- Klimaaccorden hin oder hier, d'CO2-Emissiounen huele weltwäit weider zou, och hei am Land. Ech muss hei kéngem beschreiwe wat dat heescht. Wat mech just befriemt, dat ass, datt mäer all domatt liewen, scheinbar souguer gutt, eis arrangéieren, datt schonn honnertdausende Leit am Süde vun der Welt massiivst drënner leiden, hiert Liewen, hiert Heem verléieren... Ass dës Haltung ze verstoen oder ze akzeptéieren? Nee! Et ass jo gutt, datt de Mënsch och verdränge kann, ma iwwerdreiwe mäer do net schamlos?

- Biodiversitéit: trotz bessere Gesetzer, Naturschutzsyndikater… huet de Biodiversitéitsverloscht och hei am Land dramatesch Ausmoossen ugeholl. An engem gewësse Sënn ass dëse Verloscht souguer méi besuergniserreegend wéi d'Klimaverännerung, wëll hei hu mäer emol kéng Chance eng sougenannt "Upassungstrategie" ze entwéckelen. Wann eis natierlech Liewensgrondlagen zerstéiert sinn, den Ekosystem gekippt ass, da gëtt et kee Plang B, och net fir räich Länner.

De Ressourceverbrauch ass en ähnlech besuergniserreegenden Dossier. Duerfir si mäer an etwa all Joer am August um Punkt, wou mäer mat eisem ekologesche Foussofdrock d'Limite vum Ekosystem vun deem Joer iwwerschratt hunn.... de Recht liewe mäer op Pomp. Op Pomp vun eiser Matwelt, vun de nächste Generatiounen...

5.

An da geet dës Zerstéierung vum Ekosystem och nach zesummen mat gréisste soziale Problemer De Clivage (D'Schéier?) tëscht Aarm a räich gëtt, gemäss Oxfoam, ëmmer méi grouss !! Déi räichst 1% op dëser Welt besetzen esou vill wéi déi rechtlech 99% vun der Bevëlkerung. An dorunner soll een sech gewinnen? An da soll ee net sozial Spannunge verstoen? Eng rezent Analyse vun der Chambre des Salariés huet dann och nach erginn, datt och hei am Land ëmmer méi Leit onzefridde sinn op hirer Schaff, datt sie den zounhuelende Leeschtungsdrock kaum nach packen...

6.

A last but not least: mäer soten et esou oft: Längstens ass et nogewisen, datt dat ablécklecht Ziel vun eisem System: méi méi méi – besser besser besser – glat a guer näischt mat Liewesqualitéit a Wuelbefannen ze dinn huet. Haut gëllt fir grouss Deeler vun eiser Gesellschaft: déi emotional Defiziter si vill méi grouss wéi déi materiell, duerfir spillt d'Werbung jo och nach – fir eis zum kafe vun iergend enger iwwerflësseger Wuer ze motivéieren - mat eisen deelweis onerfëllte Gefiller .... schéiner heiler Welt a relaxe Picknick ouni Handy am Blummefeld?

7.

Wann dat esou ass: firwat verbessere mäer net primär d'Liewensbedingunge ma striewen no Wuesstem?

Ech muss soen, ech perséinlech verstinn ëmmer manner, firwat mir net vun deem do aus ekologescher a sozialer Siicht falschen Tripp, deen net nëmmen eis schued ma katastrophal ass fir déi nächst Generatiounen, erofkommen.

Ech probéiere ganz onkomplett 3 Erklärungen ze ginn:

- Mir sollen eis näischt virmaachen: Dat wat ech elo sot, erreecht zwar mengen ech d'Häerzer vu ville Leit. Ma ech fäerten, nach bei wäitem net genuch Leit, an allzevill och net de Gros vun der etabléierter Politik. Wéi sot virun 30 Joer de Jean-Claude Juncker zu eis: Ech hu kee Bols fir Ekologie. Mäi Kapp kritt et mat, ma et kënnt net am Bauch un. Ass dat bei enger Rei vun eise politesche Parteien am Land haut anescht ?

  Et gëtt vill Grënn fir dës Entfriemung: Den Aarten- a Diversitéitsverloscht z.B. ass effektiv schläichend, a schläichend Veränneruge kritt de Mënsch net esou mat. Wie net weess, wéi Vilfalt ausgesäit, vermësst se wuel onbewosst, ma net bewosst. Ville feelt haut ganz banal de Bezuch zu eiser natierlecher Ëmwelt!

- An et soll een sech och näischt virmaachen: Esou wéi deemools Leit gemengt hunn, eng risikohaft Grousstechnologie wéi d'Atomkraaft wär d'Léisung, esou mengen och haut nach Leit, d'Technik géing eleng eis Problemer léisen. Digitaliséierung a Circular economy sinn d'Wonnerwieder vun haut... iwwregens och an dem Koalitiounsaccord vun der neier Regierung. Mäer brauche sécherlech den technologesche Fortschrëtt, ma hien eleng léist net déi inhärent Problemer vun eisem Gesellschafts- a Wirtschaftssystem! An eigentlech sinn och hei d'Gefore bekannt; och hei si mäer - wéi deemools bei der Atomkraaft - bei der Iwwerwaachungsfro vum Eenzelen, net méi duerch de Staat, ma duerch grouss Firmen. A bei der Circular si mäer direkt bei der Fro, ob d'Aspueren net duerch e méi u Konsum vu neie Gadgeten opgefriess gëtt, esou wéi ze soen all technologesch Innovatioun opgefriess ginn ass, wëll d'Wirtschaft net e manner, ma e méi fuerdert a brauch.

- A net ze läscht, wuel den zentrale Punkt dee Verännerungen am Wee steet: Et ass méi einfach ze mengen, eise System bräicht just Korrekturen, d'dréinen un eenzelne Stellschrauwe géing duer... Da muss een och näischt u Muechtstrukturen, z.B. vun der Finanzlobby a Grousskonzerner, un der Verdeelungsfro änneren, un der ënnerschiddlecher Belaaschtung vu Kapital an Aarbecht, den onendleche Wuesstem ka weider als Chimère erëmgeeschteren ... Jee, et muss een alles dat net fundamental hannerfroen, et geet een de grousse gesellschaftlechen Debaten an dem Choix de société aus dem Wee. Den haitege System ass ganz banal zum Virdeel vu verschiddene gesellschaftleche Kreesser - an anerer hu wuel net d'Kraaft se ze hannerfroen.

7.

Mir halen et do mam Nicolas Hulot: D'Zäit brennt! Mäer brauchen e fundamentale gesellschaftlechen an ekonomesche Systemwiessel! An dat erreeche mäer net méi mat der Politik vun de klénge Schrëtt! Déi hate mäer déi läscht 50 Joer, mat de bekannten onbefriddegende Resultater. Déi Politik hat wuel eng Zäit hier Berechtegung, ma haut, wou sech alles zouspëtzt, definitiv net méi! Sie ass haut eng Plooschter déi d'Wonn verstoppen hëlleft amplaz ze heelen! Sie vermëttelt de falschen Androck, de System kéint duerch eenzel Neierungen oprecht erhale ginn!

8.

An erlaabt mäer eng kléng Klammer opzemaachen, well se esou zentral ass: Ganz frei huet de Meco sech - dir erënnert iech vläicht un eis kuerz ageblennte Broschür vun 1983 “Anders arbeiten und anders leben” - fir eng Verknëppung vu Sozialem an Ekologie agesat! An dat aus guddem Grond: den aktuelle Wirtschaftssystem geet op Käschte vu béiden! Nëmmen zesummen si mäer staark. Ekologie a Soziales géinteneen auszespillen, wäer den Holzwee!

Mäer sinn als Meco frou Member vun engem weltwäite Bündnis ze sinn, Friends of the Earth, wou d’Presidentin aus Uruguay eis herno och nach eng Noriicht schécke wäert. Ech wollt elo aus engem Communiqué vun eise Kollegen aus Frankräich vun haut zitéieren, wou si ganz kloer äusseren, datt si Gronddoleance vun de Gillets jaunes verstinn:

“La crise sociale qui s’exprime à travers le mouvement des gilets jaunes ne peut occulter la crise climatique. Ce sont les deux faces d’une même pièce : celles d’un système guidé par la recherche du profit, qui concentre les richesses au sommet et détruit les écosystèmes. Nous avons le devoir de tirer la sonnette d’alarme“.

Rien à ajouter!

9.

Duerfir, ech kommen zum Schluss... de Bilan wéi et weider goe kéint. Zentral Message vu 50 Joer Meco fir d’Zukunft si sécherlech:

- Kommt mir setzen eis weiderhi kloer fir d’Schéinheet vun eisem Planéit an, well jo, de Bezuch zu der Natur, de Genoss vun eiser Landschaft, engem Päiperlek, enger Brongbrëschtchen, der gudder Loft ass Liewensqualitéit an d’Basis vun eisem Engagement ;

- Kommt mir triede méi wei je fir de Systemwiessel an: Kommt mir verdeedege weider déi esou wichteg lokal, regional a national Dossieren, eis Iddien, ma mäer soe nach méi wéi bis elo, datt mäer fir aner Wäerter, Prioritéiten, en anere Modell stinn! Mir sollen de Courage hunm dat emmer erëm weiderhin lauthals anzekloen, mat eiser Fantasie, Visiounen a konkreten Ureegungen.

- Mäer brauchen eng staark Zivilgesellschaft a mir als Mouvement sinn e liewegen Deel dervun. De gesellschaftlechen Engagement vu villen, de klassesche Beweegunge ma och vun den haitege Kooperativen, der Transition-Town Beweegung, ass den Hief an der Gesellschaft! Loosst eis eis a sie stäerken a feieren!

- Mir brauchen awer och engagéiert Politikerinnen a Politiker! Loosst eis als Bierger akloen, datt d’Politik fir fundamental gesellschaftlech Reformen astoe soll! Kommt mir weisen, datt mir bereet sinn dee Wee matzegoen a stäipen déi Politik. Den Owend sinn eng Rei Politiker hei. E grousse Merci u sie. A jo, mäer si frou eng gréng Partei ze hunn, déi sech d’Nohaltegkeet op de Fändel geschriwwen huet. Ma mäer brauchen a sichen och méi Uspriechpartner an den traditionelle Parteien, déi mäer deelweis schmäerzhaft vermessen! Kommt mir als BiergerInnen a Bierger stellen d’Politik méi wéi je virun hier Verantwortung a weisen eis Ënnerstëtzung fir grouss Reformen.

- Kommt mäer huelen eis Succès’en, d’Schlagkraaft, d’Kreativitéit, den Engagement an d’Loscht vun de leschte 50 Joer eriwwer an déi nächst Joren, fir nach méi déi fundamental Gesellschafts-Froen ze stellen. Wa mäer mat dem selwechte Punch, der selwechter Loscht, der selwechter Solidaritéit astin fir déi grondsätzlech Veränneru ngen, dann hu mäer eng Chance. Ech géing net soen: mäer gewanne sécher, ma mäer hunn eng Chance! An dorëms

geet et! A mäer sti net eleng! Weltwäit stinn ëmmer mei Leit ob. An an de Länner vum Süde soen sie längstens net méi, datt si eise Liewensmodell kopéiere wëllen! Neen, och do sti Leit an fir aner Wäerter.

Monseigneur, Léif Frënn, Léif Gäscht:

Engagement ass haut méi wichteg wéi jee! Mat der Kraaft an eise Stäerkte vun der Vergaangenheet, mat eiser move Sektioun, si mäer gutt opgestallt fir d'Zukunft, och wann de Challenge gewalteg ass.

A wa mäer als Mouvement an als Gesellschaft am Sënn vun der Demokratie och nach méi déi auslännesch Bevëlkerung a verschidde Bevëlkerungsschichten abannen, wa mer den éierenamtlechen - gesellschaftspoliteschen - Engagement méi staark ënnerstetzen, geléngt et eis hoffentlech eng gewëssen Opbrochstëmmung ze vermëttelen, e kollektive Bewosstsinswandel...

An deem Sënn – entschëllegt Monseigneur de liicht geklauten Ausdrock – vive de Mouvement ! Vive gesellschaftlechen Engagement!